06/2020

debulletin

Editorial vum Patrick Remakel
Kohärent an novollzéibar Mesuren an der Gesellschaft, awer och an der Schoul !

ASA asbl
Deel 2 :
Den Assistenzhond an der Schoul

Schoulkontingent
clever oder abgezockt

Le master MEEF
une meilleure formation initiale en France

syndicat national des enseignants
cgfp

Fir lech, mat lech, zesumme méi staark!

ROOM
Luxembourg

Bewegtes Lernen

Flexible Möbel bewegen auch den Kopf

ROOM Luxembourg S.à r.l.
11, Um Lënsterbierg
L-6125 Junglinster

Tel.: 288 00 11
info@room-luxembourg.lu
www.room-luxembourg.lu

Schulmöbel
Bibliotheken
Kindergartenmöbel

Konferenzräume
Büromöbel
Empfangstheken

Raumplanung
Beratung vor Ort
Individuelle Möbel

Sommaire

debulletin
6/2020

02 Editorial vum Patrick Remakel
Kohärent an novollzéibar Mesuren
an der Gesellschaft, awer och an der Schoul !

06 ASA asbl
Deel 2 : Den Assistenzhond an der Schoul

08 Info aux membres
Questions parlamentaires

16 Schulkontingent
clever oder abgezockt

18 Le master MEEF
une meilleure formation initiale en France ?

28 Buchtipp
Methoden für den Unterricht

30 Tagebuch

Éditorial

Kohärent an novollzéibar Mesuren an der Gesellschaft, awer och an der Schoul !

De 15. September huet d'Schoul ënnert bal normale Konditiounen nees ugefaangen. An dat war och gutt esou. De Virus war manner present an der Gesellschaft an dofir konnte mir ons dat erlaben. Fir den SNE/CGFP war an ass et nach ëmmer kloer, dass d'Schoul eng sozial wichteg Institutioun ass, déi och an dëse schwéieren Zäiten hire Bildungsoptrag erfëlle muss. An dat geet eben am beschten « en présentiel » an der Schoul, a net iwwert den « Enseignement à distance ». Et war an ass wichteg, dass d'Kanner an engem méiglechst normale Kader an d'Schoul kënne goen.

An awer : Et hätt ee keng onnéideg gesondheetlech Risike sollen huelen.

Dofir hätten an den Ae vum SNE/CGFP bei der Rentrée nach méi Mesuren « en place » musse gesat ginn, fir d'Gesondheet vun de Kanner an dem Léierpersonal besser ze schützen an dem Virus nach manner Chance ze ginn.

D'Fuerderunge vum SNE/CGFP an deem Kontext sinn a ware bekannt :

- de Splitting bei Klasse mat gréisseren Effektiver, am Fall wou d'Ofstandsreegelen net kënnen agehale ginn
- den Asaz vu mobile Raumluftreiniger
- d'Installatioun an den Asaz vu Féiwermoossapparater an all Schoul
- d'Verhënnere vum Vermësche vu Kanner an der Maison relais

Onverständlech war an ass et fir den SNE/CGFP, dass de MENJE absolut net bereet ass op dës Fuerderungen anzegoen. Wär et an dëser Pandemie net ubruecht, léiwer eng Mesure ze vill ze ergräife wéi eng net genuch? Mat der Gesondheet vun der Schülerpopulatioun an den Enseignanten ze experimentéieren ass definitiv de falsche Wee!
Wat CO2-Ampelen ubelaangt, déi den SNE/CGFP och schonn zënter laanger Zäit fuerdert, esou schéngt de MENJE elo endlech wëlle mat op dee Wee ze goen an de Schoulen esou Apparater zur Verfügung ze stellen. Et muss awer schnellstens gehandelt ginn. Et ass scho genuch Zäit verplempert ginn.

Wéi ze erwaarde war, ass Lëtzebuerg och net vun enger 2.Well verschount bliwwen. An zënter dem 26. November gëllen och zu Lëtzebuerg nees verschäerfte Mesurë fir d'Gesellschaft. Et koum och zu enger Rei Adaptatiounen an der Schoul, déi awer virun allem den « Enseignement secondaire » betreffen.

Op déi Mesuren elo richteg sinn, net wäit genuch oder ze wäit ginn, dat kënne mir als SNE/CGFP net jugéieren. Dofir feelt eis déi néideg Expertise. Wann d'Mesurë fir d'Leit oder fir d'Schoulpersonal awer net kohärent an och net novollzéibar sinn, dann huet d'Politik e Probleem vu Glafwierdegkeet an d'Vertrauen an d'Politik an hir Decisioune verschwënnt.

Hei dann e puer Beispiller, déi munchereen net direkt novollzéie kann :

- Eng Famill vun 2 däerf eng Famill vun 3 besichen, ëmgedréint awer net
- D'Kanner däerfen an engem gutt besate Bus an den Turnsall oder an d'Schwämm fueren, pedagogesch Visitten an Ausflich an deem selwechte Bus sinn awer verbueden
- Turnsäll a Schwämme si fir de Public zou, Schoulklassen däerfen awer dohin

Dofir hätten an den Ae vum SNE/CGFP bei der Rentrée nach méi Mesuren « en place » musse gesat ginn, fir d'Gesondheet vun de Kanner an dem Léierpersonal besser ze schützen an dem Virus nach manner Chance ze ginn.

**Fir ons ass et kloer :
Ee positiivt Resultat bedeit
10 Deeg Quarantän,
och an der Schoul.**



- Sportlech Fräizäitaktivitéiten dobaussen zu méi wéi 4 Persounen si verbueden, mee d'Schüler kënnen zu e puer Klassen an enger zouener Schoulhal Sport maachen
- Restaurante sinn zou, Kantinnen an den Entreprisen och, d'Kantinnen an der Schoul sinn awer op

Jo, den SNE/CGFP ass sech scho bewosst, wéi wichteg sportlech Aktivitéite fir d'Kanner awer och fir déi Erwuesse sinn. Et ass och guer net eis Intentioun ze verlaangen, dass et Aschnëtter beim Schoulsport solle ginn. An awer, e gutt duerchduechtent Gesamtkonzept a punkto Sport hätt kënnen anescht ausgesinn.
Komme mir elo zréck zu den Inkohärenzen a punkto Schoul. Hei wéilt ech gären ee Beispill erwänen, dat de ganze Kuddelmuddel gutt resuméiert:

E Kand ass freides getest ginn a krut samschdes säi positiivt Resultat, genausou wéi seng Mamm a säi Brudder. D'Mamm huet der Santé gesot, dass hire Jong virun e puer Deeg, wärend engem Dag, e klengt Krazen am Hals gespiert huet. Zënterhier awer näischt méi. D'Santé huet dunn deen Dag mat deem klenge Krazen am Hals als Ausgangspunkt fir hir Berechnunge geholl, 10 Deeg derbäi addéiert an de Jong konnt méindes nees an Schoul goen, obwuel hie samschdes e positiivt Resultat krut. Ass do wierklech de « Principe de précaution » applizéiert ginn ?

En absolutten NOGO fir den SNE/CGFP a fir keen ze verstoen !

Fir ons ass et kloer: Ee positiivt Resultat bedeit 10 Deeg Quarantän, och an der Schoul.

En aneren NOGO fir den SNE/CGFP ass de Rekrutement vun neiem Personal an der Grondschoul, ouni dass do e Stage verlaangt gëtt. Et ginn also Leit op d'Kanner lassgelooss a solle Schoul halen, déi nach ni an hirem Liewen Erfarunge mat der Gestioun vun enger Klass an der Vermëttlung vu Léierinhalter gemaach hunn. An den Ae vum SNE/CGFP kënne Leit, déi kee Stage absolvéiert hunn, allerhéchstens als Surveillanten agestallt ginn, fir maximum 1 Dag. An och just fir de Fall, wou keng Ersatzleit mat Stage méi disponibel sinn.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, am Numm vum SNE/CGFP an och a mengem perséinlechen Numm, wënschen ech lech, och an dësen dach net einfachen Zäiten, schéi Feierdeeg, e schéint an erfollegräicht Joer 2021 a virun allem eng gutt Gesondheet. Dass gesond sinn dat Wichtegst ass, huet ons d'Joer 2020 op jiddwer Fall gewisen.

Mat syndikalistesche Gréiss
Patrick Remakel
President vum SNE/CGFP

Patrick Remakel,
President SNE/CGFP



ASA asbl

Deel 2: Den Assistenzhond an der Schoul

Eis Hënn kommen aus der franséischer Schoul « Handi'Chiens » a si vum franséische Staat zertifiéiert. « Handi'Chiens » besteet säit iwwer 30 Joer an huet an de Jore méi wéi 3000 Hënn attribuéiert.

Den « Handi'Chien d'assistance » huet eng zolidd 2-järeg Ausbildung, dovun 18 Méint an enger « Famille d'accueil » an duerno 6 Méint an enger vun de 4 spezialiséierte Schoule vun « Handi'Chiens ». D'Hënn hunn e Vokabulär vu 50 Wierder mat deene ka geschafft ginn.

Si kënnen awer och op spezifesch Aufgabe virbereet ginn, z. B. op d'Detektéiere vum Covid-19.

Eis Hënn gi getest, wann se nach bei der Mamm sinn, d.h. am Alter vu 6-7 Wochen.

Ee vun den Tester ass z. B. hir Schmäerzgrenz. Déi muss méi héich sinn ewéi bei engem normale Familljenhond, well mir oft mat Spastiker schaffen, an déi kënnen hir Gesten net kontrolléieren.

Bei engem Worf vun 10 Hënn ass meeschtens nëmmen ee Welpen dee sech eegent fir d'Ausbildung unzefänken. An da verléiere mir nach 40% vun den Hënn, déi spéider de Critèren net entspriechen, wéinst Verhalensproblemer oder och heiansdo wéinst gesondheetleche Problemer.

Well mir 5 verschidde Profiller vun Hond ausbilden, entscheede mir spéit a wat fir engem « Beruff » si solle schaffen. Eis Entscheedung baséiert op hire Fäegkeeten a Präferenzen. Déi 2 lescht Méint gi si da ganz intensiv op hir Aarbecht virbereet, d. h. en Hond dee fir e Schoulprojet virgesinn ass verbréngt da mat sengem Educateur ganz vill Zäit an der Schoul bei Schüler vun all Alter, vu Précoce bis Lycée.

Mat 2 Joer kënnt den Hond da bei säin « Référent », wou en ausserhalb der Schoulzäit, wärend de Weekender an der Vakanz lieft. Dës Persoun muss natierlech d'Formatioun « Handi'Chiens » absolvéieren, mat prakteschem an theoreteschem Ofschlossexamen. Och sinn 2 Deeg Weiderbildung am Joer obligatoresch fir « Référent » an Hond.

Wat bréngt den Hond enger Schoulklass?

Den Hond hëlleft verschidde Kompetenzberäicher entwéckelen:

1. Empathie förderen (+ Identifikatioun)

D'Kanner léieren duerch den Hond d'Bedürfnisser vun deem Vis-à-vis kennen, a si léieren och den Ëmgang mat genee dëse Bedürfnisser.



2. Verantwortung iwwerhuelen

Am Ëmgang mam Hond léieren d'Kanner, dass all hir Entscheedungen eng Auswierkung hunn. Si mussen op den Hond Uecht ginn a seng Besoinen erfaassen, an him am richtege Moment dat gi wat e brauch (Waasser, Fudder, seng Rou, ...)

3. Den Hond als « Anschauungsmodell »

D'Kanner léieren am Allgemenge ganz gär eppes Neies kennen an et fält hinne vill méi liicht d'Eegenschafte vun engem Hond am aktiven Ëmgang mam Hond ze léieren.

4. Sproochlech Entwécklung ënnerstëtzen

D'Kanner kënnen sech individuell mam Hond beschäftegen, z. B. him virliesen. De Virdeel vum Hond ass, dass e fir dat Kand do ass an deem Kand nolauschtert. Et brauch keng Angscht ze hunn, eppes Falsches ze soen an doropshin evaluéiert ze ginn.

5. Mathematescht / logescht Denken

D'Kanner sollen iwwert e Spill d'Zuelen- Rei verënnerlechen. Den Hond weist op é bestëmmten Objet, deen d'Kanner ofziele sollen. D'Kanner wierfele, wéi oft se den Objet aus der Këscht huelen an ofziele sollen.

6. Motoresch Fäegkeeten entwéckelen a förderen

Den Hond bréngt natierlech och ganz vill Freed an d'Klass fir Kanner a Léierpersonal.

Wat ass den Ënnerscheed tëschent Assistenzhond a Schoul-/Therapie-hond?

Et gëtt eng Rei vun Hondsschoulen, déi eng Ausbildung vum Familljenhond zum Therapiehond ubidden. Den Hond kritt dann och en Diplom an ass domat « zertifiéierten » Schoul-Lies-Therapiehond.

Dës Bescheinegung bestätegt, dass den Hond mat ganz verschiddenem Publikum interagéiere kann. Dës Ausbildung erméiglecht awer net, den Hond an déi reell Situatioun ze setzen a säi Verhale laangfristeg ze beobachten.

D'Dauer an den Inhalt vun dëse Formatiounen si verschidden. Verschiddener proposéieren e Suivi, anerer recommandéiere just eng Weiderbildung. All déi Zertifikater sinn net staatlech unerkannt.

Weider Infoe fënnt een um Site

www.asa-asbl.lu

Dir kënnt eis awer och virmëttes uruffen um 83 98 42 oder mailen op info@asa-asbl.lu

INFO aux membres

Le caractère urgent de la question a été reconnu (04.11.2020)

adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

n° 3095

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 4. November 2020

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister, un den Här Educatiounsminister an un d'Madamm Familljeminister weiderzeleeden.

Am Kader vun de Covid-Moossname bei der Schoulrentrée 2020/21 hat den Educatiounsminister ënner anerem mobil Teststatiounen ugekënnegt, déi bei Bedarf an d'Schoule komme kéinten.

An deem Kontext wéilte mir der Regierung gär folgend Froe stellen:

1. Sinn an Tëschenzäit schonn där mobil Teststatiounen am Asaz? Wann nee, ass en Delai virgesinn, bis wéini déi éischt Statioune mussen asazfäeg sinn? Wéi vill mobil Teststatioune si geplangt?
2. Wat fir eng Administratioun huet d'Responsabilitéit fir den Asaz vun dëse Statiounen?
3. Wéi sinn déi mobil Teststatioune personell besat? Wat fir Qualifikatiounen hunn déi Leit, déi an dësen Teststatioune schaffen?
4. Ass virgesinn, datt dës mobil Teststatiounen och an anere Beräicher wéi an der Schoul agesat ginn (z.B. am CIPA)? Wa jo, wat fir Beräicher sollen dorop zeréckgräife kënnen?
5. Wat fir Prozedure si virgesi fir den Asaz vun enger mobiller Teststatioun an der Schoul oder am CIPA?
6. Wien ass responsabel, fir esou eng Teststatioun ze ruffen? Wat fir Konditioune mussen hei erfëllt sinn, fir datt esou eng Statioun op d'Plaz kënnt? Gëtt et Delaien, an deenen déi mobil Teststatiounen, wa si bis kontaktéiert sinn, mussen op der Plaz sinn?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

Fred Keup
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **25, rue Notre-Dame · L-2240 Luxembourg** **Tel. : (+ 352) 463742**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Réponse commune de Madame la Ministre de la Santé, de Madame la Ministre de la Famille et de l'Intégration et de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse à la question parlementaire urgente n° 3095 du 4 novembre 2020 de Monsieur le Député Jeff Engelen et de Monsieur le Député Fred Keup concernant les "Stations de dépistage de la Covid-19 mobiles".

Wat d'Schoulen ugeet, gouf de Choix getraff, fir mat Testequippen ze schaffen. Et geet an der Haaptsaach drëm, fir d'Kanner an d'Enseignanten aus dem Szenario 1 (1 positive Fall an der Klass, Source d'infection vu baussen) direkt an der Schoul kënnen ze testen, wann déi 6 Deeg nom leschte Kontakt mat deem Positiven eriwwer sinn. D'Eltere mussen natierlech hiren Accord fir dësen Test ginn, hunn awer och d'Méiglechkeet, d'Kand op eegen Initiativ an engem Labo testen ze loossen.

Mir hunn den Ament eng Dosen Équippe vun 2 Leit virgesinn, allkéiers ee Professionellen aus dem Santésberäich, deen déi néideg Kompetenzen huet fir een Ofstréch ze maachen, an eng Persoun, déi fir den administrative Volet responsabel ass.

Dës Equippe gi vum Educatiounsministère a vum LNS coordinéiert a ginn an d'Gebaier, fir déi Tester ze realiséieren. Dat geschitt bannent de Schoulstonnen.

Aner Beräicher wéi z.B. d'CIPA'en oder Maisons de soins ginn net iwwer den selwechten Dispositif wéi deen fir d'Schoulen ofgedeckt. Des Strukturen ginn iwwer den mobilen Interventiounsdispositif getest deen am Kader vum LST zesummen mat der Gesondheetsdirektioun en place gesat gouf.

Am Kader vun den Aarbechten am LST ass een Plang opgestallt ginn wou ganz genau festgehalen ass wéi eng Beräicher bis Enn Mäerz am Kader vun den Interventions mobiles getest sollen ginn. Fir Strukturen wéi CIPA'en oder Maisons de soins, gëtt et een genauen Planning wéini d'Interventiounsequippen op d'Platz kommen fir déi verschidden Strukturen ze testen. Dësen Planning kann natierlech jee nodeems adaptéiert ginn fir prioritär eventuell Clusteren ze testen wann der optauchen. An sou engem Fall gëtt den normalen Planning ënnerbrach fir en Urgence den Cluster ganz duerch ze testen.

Des Tester ginn all vun den Laboratoires Reunis duerchgefouert, déi den Zouschlag vun der ëffentlecher Ausschreiwung vum LST 2 kruten. D'Résidenten aus den verschidden Beräicher an hiren Dokter ginn vun Laboratoires Reunis informéiert. D'Resultater vun den Tester ginn och an den System vun der Inspection sanitaire gespeist.

137-000010-20040525-FR

n° 2947

CSV FRAKTIOUN

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 05. Oktober 2020

Här President,

Esou eréi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Laut engem Artikel vum 05. Oktober 2020 am Luxemburger Wort „Lehrermangel: Eine neue Lösung muss her“, wieren dëst Joer nëmmen hallef esou vill diplomiéiert Enseignant'en fir d'Grondschoul agestallt ginn eréi am Joer 2018. Deemno wieren dëst Joer nëmmen 113 Enseignant'en an der Grondschoul rekrutéiert ginn, déi den Unisofschloss sou wéi och de Concours an der Täsch haten. An dësem Artikel gëtt och ënnerstrach datt eise Grondschoulsystem ouni d'Rekrutéierung vun Quereinsteiger riskéieren géing zesummenzebriechen. Tatsächlech wieren vun 300 rekrutéierten Enseignant'en 187 Posten mat Quereinsteiger besat ginn.

An dësem Kontext well ech folgend Froen un d'Regierung stellen:

- Kann den Minister des Zuelen bestätegen?
- Wéi eng Ausgangsformatiounen haten des Quereinsteiger?
- Ass eng Evaluatioun vun der Zousazausbildung, déi d' Quereinsteiger um Ifen mussen maachen, gemaach ginn? Wann jo, wat sinn d' Resultater an d' Konsequenzen ?
- Wat gesäit de Minister vir fir den Beruff vum Einseignant erëm méi attraktiv ze maachen?
- Laut eisen Informatiounen géif d'Uni.lu net genuch Kandidaten pro Joer ophuelen respektiv et géifen der net genuch de Concours reusséieren. Wéi vill Kandidaten sinn vun der Uni.lu an deenen lëschten Joren pro Joer ugeholl ginn a wéi vill hunn dovun de Concours gepackt? Agéiert de Minister bei den Verantwortlechen vun der Uni fir d'Zuel vun den Kandidaten déi vir d'Formatioun ugeholl ginn an déi de Concours packen ze erhéijen ?
- Wéi vill Kandidaten, déi op der Uni.lu fir d'Enseignantsformatioun ugeholl ginn, hunn Defiziter an engem vun den Haaptfächer? Wou sinn déi meeschten Defiziter fest ze stellen? Wann een dovunner ausgeet, datt den Enseignant net nëmmen pedagogesch, mee och fachlech Kompetenzen muss opweisen, wat huet de Minister wëlles fir ee qualitativ héichwäertegen Enseignement ze garantéieren ?

Här President, ech bieden lech main déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen

Deputéiert

Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend a Minister fir Héichschoul a Fuerschung op d'parlamentaresch Fro Nr. 2947 vun der honorabeler Deputéierte Martine Hansen

2020 sollten insgesamt 300 nei Enseignantë rekrutéiert ginn. Op Grond vu Posten, déi kuerzfristeg fräi gi sinn, ass dës Zuel op 306 geklommen. Vun dësen 306 Posten goufen der 132 mat Persoune besat, déi e Bachelor en sciences de l'éducation hunn.

Bei deenen anere Kandidaten ass ze bemierken, datt vill Absolvente mat Studien aus de Beräicher Pedagogik, Psychologie a Sozialwëssenschaften sech fir de Beruff vum Enseignant an der Grondschoul interesséieren. De wäitaus gréissten Deel vun de Persoune mat engem Ofschloss a Relatioun mat dem Enseignement fondamental ginn aus dësem Beräich rekrutéiert. Dëst Joer sinn et der 61. Doriwwer eraus sinn 19 Persoune mat engem Ofschloss am Beräich vun de Sproochen, déi am Enseignement fondamental enseignéiert ginn, 31 Persoune mat engem Ofschloss an der Mathematik an Informatik, 39 Persounen aus de Beräicher Sport a Konscht a 24 Persounen mat engem anere Bachelor, rekrutéiert ginn. De Rekrutement vum Schouljoer 2020/2021 ass allerdéngs aktuell nach net ofgeschloss, deemno sinn dës Zuelen nach net definitiv.

D'Erfarungen aus de leschte Jore weisen, datt vill jonk Universitéitsabsolvente rekrutéiert kënne ginn, déi sech direkt no hirem Studium fir de Beruff vum Enseignant decidéieren. Dëst weist, datt de Beruff vum Enseignant an der Grondschoul nach ëmmer vu villen Universitéitsabsolventen als attraktive Beruff gesi gëtt.

Gläichzäiteg kann ee feststellen, datt awer och ëmmer méi Studenten eng Preferenz fir weiderféierend Studien hunn, déi hinne méi breet professionell Méiglechkeete bidden, an dofir aner Studien aus de sozio-edukativen an psycho-soziale Beräicher privilegéieren, wéi de Bachelor an den Erzéiungswëssenschaften, dee prioritär op de Beruffsprofil vum Enseignant an der Grondschoul virbereet.

Well een aktuell ka feststellen, datt eng héich Unzuel un Agenten iwwert de sougenanntenen "Quereinstieg" de Wee an de Beruff vum Enseignant fënnt, gëllt et, dëse Modell ze evaluéieren, éiert d'Mesure am Joer 2023 ausleeft, an eventuell eng adequat Alternativ auszeschaffen.

Den Institut de formation de l'Éducation nationale (IFEN) huet am Schouljoer 2019/2020 eng Evaluatioun vun de Formatioune vum Certificat de formation pédagogique gemaach, andeems d'Quereinsteiger no all Module vum Certificat e Questionnaire ausgefëllt hunn. Et goufen am ganzen 980 Questionnairë verschéckt, an 89 % goufe beäntwert. Am Duerchschnëtt waren 91 % vun de Participanten zefridden ("tout à fait satisfait" an "très satisfait") mat de Formatioune vum Certificat de formation pédagogique.

Am Detail goufen di heite Froe gestallt:

Froen aus dem Questionnaire	Äntwerten "tout à fait satisfait" an "très satisfait"
Dans l'ensemble, je suis satisfait/e de la formation	91,0 %
Les contenus répondaient aux objectifs de formation	95,1 %
Les contenus ont été suffisamment approfondis	88,2 %
Les contenus étaient structurés et compréhensibles	93,0 %
Les contenus sont transposables dans ma pratique	90,9 %
Le/la formateur/-trice a su s'adapter à chaque enseignant/e-stagiaire	89,3 %
La formation m'a donné les moyens de mettre en pratique les contenus ou méthodes appris	89,9 %

Niveau de compétence estimé avant la formation	Niveau > 8 op enger Echelle vun 1 bis 10: 11,0 %
Niveau de compétence estimé après la formation	Niveau > 8 op enger Echelle vun 1 bis 10: 70,5 %

Et ass ervirzehiewen, datt no der Aschätzung vun de Participantë selwer, d'Inhalter aus der Formatioun gutt an d'Beruffspraxis kënnen iwwerdroe ginn, an duerch d'Formatioun eng däitlech Progressioun vun de professionelle Kompetenzen erreecht gëtt.

Den IFEN huet d'Resultater aus den Enquêten, déi bei de Participanten an de Formateure gemaach goufen, am Detail analyséiert. Fir d'Formatioune vum Schouljoer 2020/2021 goufen aus där Analys, an Zesummenaarbecht mat de Formateuren, punktuell Adaptatioune vum Planning, vun den Inhalter a vun der Methodologie vun de Formatiounen ëmgesat.

Meng Gespréicher mat der Uni Lëtzebuerg an de leschte Joren hunn dozou gefouert, datt d'Kapazitéite fir d'Formatioun zum Enseignant an der Grondschoul erhéicht goufen, esou datt elo méi Studenten hir Formatioun hei am Land kënne maachen a sech deemno schonn am Kader vun hirer Grondausbildung mat de spezifesche Besoine vun der Lëtzebuerger Schoulpopulatioun kënnen auserneesetzen.

Fir op der Uni Lëtzebuerg an de Bachelorprogramm *Sciences de l'éducation* ugeholl ze ginn, mussen d'Kandidaten e Lëtzebuerger Ofschlossdiplom vum Enseignement secondaire oder en auslänneschen, als equivalent befonnten Diplom virweise kënnen, an den Examen-concours fir d'Admissioun an dee Programm, wéi en zanter dem akademesche Joer 2012/2013 besteet, packen a sech *en rang utile* klasséieren.

D'Uni Lëtzebuerg bitt zanter dem akademesche Joer 2012/2013 eng ronn honnert Plazen pro Joer an deem Studiegang un. D'Gesamtzuel vun de Studenten, déi ugeholl goufen a sech ageschriwwen hunn, variéiert tëschent 64 (am akademesche Joer 2017/2018) an 110 (am akademesche Joer 2020/2021). Fir den Detail sief op den Tableau hei drënner verwisen.

D'Lacunne vun enger Rei Kandidate spigele sech an der Unzuel vu konditionellen Admissiounen erëm. Wéi aus den Tableauen hei drënner ervirgeet, variéiert dës Unzuel zimmlech staark vu Joer zu Joer. D'Schwächte si virun allem am Franséischen an an der Mathematik festzestellen. Et sief ze bemierken, datt déi konditionell Admissioun nëmme méiglech ass, wann ee Kandidat eng Lacune an enger eenzeger Matière huet.

Bedéngt duerch d'Pandemie vum COVID-19 gouf den Examen-concours, dee fir d'Joer 2020/2021 virgesi war, ersat duerch d'Prise en compte vun den Notte vun de Kandidaten an de véier leschte Jore vum Enseignement secondaire an der Mathematik, an de Sciencen, am Däitschen an am Franséischen, sou wéi och duerch e Motivatiounsbréif an engem Online-Questionnaire iwwert de Kandidaten hir Motivatioun, fir Enseignant ze ginn.

Nombre de candidats admis aux études visant l'obtention du grade de Bachelor en Sciences de l'Éducation (BScE) à l'Université du Luxembourg

Admission sur examen-concours (2012 - 2020)

Années d'études	Présences à l'admission	Refus	Admissions directes	Admissions conditionnelles	Admissions totales	Inscription au BScE	Non inscription
2012-2013	302	216	86	0	86	71	15
2013-2014	329	235	72	22	94	80	14
2014-2015	279	182	97	0	97	88	9
2015-2016	214	127	65	22	87	73	14
2016-2017	195	106	66	23	89	68	21
2017-2018	213	135	69	9	78	64	14
2018-2019	287	155	77	55	132	95	37
2019-2020	255	140	89	26	115	104	11

Admission selon la procédure COVID-19 : pas d'admission conditionnelle (2020 - 2021)

Années d'études	Présences à l'admission	Refus	Admissions directes	Admissions conditionnelles	Admissions totales	Inscription au BScE	Non inscription
2020-2021	269	146	123	/	123	110	13

Admissions conditionnelles selon la branche déficitaire (2012 – 2020)

Années d'études	Admissions conditionnelles	Lacunes en			
		Français	Allemand / Luxembourgeois	Mathématiques	Sciences
2012-2013	0	0	0	0	0
2013-2014	22	22	0	0	0
2014-2015	0	0	0	0	0
2015-2016	22	22	0	0	0
2016-2017	23	23	0	0	0
2017-2018	9	9	0	0	0
2018-2019	55	20	5	23	7
2019-2020	26	9	7	7	3

syndicat national des enseignants cgfp

Fir lech, mat lech, zesumme méi staark!

« Pas de réponse reçue jusqu'à la date d'impression du bulletin »

Monsieur Claude Meisch
Ministre de l'Education nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse
29, rue Aldringen
L-1118 Luxembourg

Luxembourg, le 26 novembre 2020

Objet : Plan de développement de l'établissement scolaire PDS

Monsieur le Ministre,

Lors de la visioconférence du 29 octobre 2020, vous avez laissé transparaître que des adaptations concernant le calendrier du plan de développement de l'établissement scolaire pourraient être envisagées. Notamment, la prolongation d'un an de l'actuel PDS serait envisageable.

Le SNE/CGFP estime que le fait de prolonger l'actuel PDS d'un an pourrait constituer une réponse adéquate en vue de soulager les écoles en ces temps de pandémie.

En effet, la clôture et l'établissement du bilan de l'actuel PDS liés à la fixation simultanée de nouveaux objectifs pour le prochain PDS constituent une charge de travail considérable dont on pourrait se priver pendant cette année scolaire extraordinaire qui exige déjà de très grands efforts de la part de tous les acteurs scolaires.

En plus, le PDS nécessite une présence physique assez constante des équipes pédagogiques et des partenaires scolaires (Maison Relais, Représentants des parents d'élèves e.a.) afin de pouvoir mettre en place des échanges dans le cadre de la démarche PDS. Étant donné que ces échanges ne pourront pas avoir lieu en présentiel dans le cadre de la démarche PDS ni à ce stade ni, à priori, dans les semaines et mois à venir, un élément clé du PDS fait défaut.

Il nous est revenu que certains instituteurs spécialisés en développement scolaire I-DS divulguent le message que la prolongation d'un an de l'actuel PDS n'est pas prévue et que le calendrier, de même que la procédure du PDS resteront inchangés.

11-13, rue des Ardennes
L-1133 Bonnevoie
Tél.: +352 48 11 18
Fax: +352 40 73 56
B.P. 2437
L-1024 Luxembourg
sne@education.lu
www.sne.lu

Au vu de ces affirmations, le SNE/CGFP souhaite connaître la position officielle du MENJE en la matière.

Dans l'espoir de vous lire, nous vous prions d'agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de notre parfaite considération.

Patrick Remakel
Président SNE-CGFP

Gilles Glesener
Secrétaire SNE-CGFP

syndicat national des enseignants cgfp

Léif Memberen,
Säit 2008 huet d'Cotisatioun vum SNE net méi changéiert. Wärend dëser Zäit as den Index 8 mol ëm 2,5% ugepasst gin. Den SNE huet sech elo gezwonge gesi fir eng Cotisatiounsupassung virzehuelen. Eng grouss Majoritéit vun den Delegéierten aus der « assemblée des délégués » huet dëser Cotisatiounsupassung zougestëmmt. Déi nei Cotisatioune gëllen vun 2021 un a mir wëllen nach eemol drop hiweisen, dass eis Kotisatioune fir d'Kalennerjoer sinn an net fir e Schouljoer.

De Comité vum SNE

www.sne.lu

Schulkontingent – clever oder abgezockt

Für den Laien ein schrecklicher Wirrwarr.

Für den Lehrer der Anfang allen Übels.

Wieso? Weshalb? Warum?

Vor etlichen Jahren wurde festgestellt, dass die zur Verfügung stehenden Mittel in der Grundschule je nach Gemeinde unterschiedlich waren. Im Jahre 2009 beschloss das Bildungsministerium, einen Verteilungsschlüssel der Ressourcen im Schulgesetz zu verankern. Dies um jeder Schule gleiche Möglichkeiten und Mittel zu geben.

In den Folgejahren konnte man einen stark fallenden Trend bei der Einschreibung zum pädagogischen Studium, welches die Basis für den Lehrerberuf darstellt, feststellen. Die Konsequenz davon war, dass die Lehrer uns ausgehen und Notnägel mussten gefunden werden.

Die Idee

Wir legen die Zahl an Schülern, welche durchschnittlich in einer Klasse sein müssen, auf 16 fest und geben die Verantwortung hierfür an die Schulen ab. Die Festlegung der durchschnittlichen Klassengröße auf 16 wurde willkürlich getroffen und bedeutete damals für den Großteil aller Schulen eine Verschlechterung, da ihnen von den Gemeinden bisher mehr Mittel zur Verfügung gestellt wurden.

Nur am Rande bemerkt: Bei der Festlegung des „Taux d'encadrement de base" handelte es sich um eine unilaterale ministerielle Entscheidung, bei der keine sogenannten „Partner" befragt wurden.

Die Rechnung

Die Grundlage der neuartigen Berechnungsmethode war wie folgt: Die Schulen bekommen pro Schüler eine fixe Anzahl von Schulstunden und müssen damit ihre Klassen errechnen. Sozialen Faktoren wird Rechnung getragen. Als kleiner Spaßfaktor dabei wurde den Schulen eine Bewährungsfrist von 10 Jahren gewährt, um das vorgegebene Ziel von durchschnittlich 16 Schülern pro Klasse zu erreichen. Das Schulkontingent war geboren. Wo der Laie jetzt kopfnickend daher döst – läuten beim Pädagogen die Alarmglocken!

Kaum vorstellbar? Bittere Realität!

Durch diese Neuberechnung und Umverteilung der Mittel, gab es wohl ein paar wenige Gemeinden, welche zusätzliche Lehrposten erhielten. Für die allermeisten Gemeinden jedoch brachte das Kontingent teilweise drastische Kürzungen der Mittel mit sich.

Die Schulautonomie jedoch wurde clever gefördert, da jede Schule nun selbst für das Errechnen ihrer Schulklassen Verantwortung übernehmen musste. Diese unangenehme Sparmaßnahme das heißt das Absenken der Mittel der Schulen wurde auf die Schultern des Lehrkörpers verteilt.

Erste Konsequenzen ließen nicht lange auf sich warten. Wie aus dem Bildungsministerium erhofft nahm man, mit einem glücklichen Blick aus dem Chefsessel, zur Kenntnis dass die Zahl an benötigten Lehrkräften zurückging und der Schülerdurchschnitt anstieg.

Der Teufel steckt im Detail

